ATERT-LYCÉE REDANGE

ALR TALENTS

2023/2024

# Du hues Talenter!

## Entdeck se! Maach eppes draus!



ATERT-LYCÉE RÉIDEN

# ALR-Sports – Move‘ Ya!





Wéi an de leschte Joeren och, bidde mir iech och dëst Joer e flotten an ofwiesslungsräiche Programm un. Dir kënnt iech ären individuellen Programm selwer zesummestellen.

Och am Schouljoer 2023-2024 sinn temporär Wiesselen an een Folagrupp net méiglech. De Choix fir de „Move‘ Ya !“ bedeit, déi 6 Zyklen aktiv am Sport matzemaachen.

Am Verletzungsfall muss dir wéi an all anere Sportscoursen och, bei der Aktivitéit präsent sinn. Ausnam sinn längerfristeg Verletzungen. An deene Fäll gëtt individuell mam Schüler déi beschtméiglech Léisung gesicht.

Hei eng kleng Auswiel vun den Aktivitéiten:

| Healthy Activities | Outdoor Activities | Traditional Sports | Alternative Sports |
|---|---|---|---|
| Functional Training | Golf | Klassische Sportspiele | Endzonenspiele |
| Crossfit | Ice Skating / Curling | Rückschlagspiele | Kleine Spiele |
| Outdoor-Fitness | Squash | Volleyball | Danzen |
| Rettungsschwimmen (Brevets) | Lëltz | Gym | Klammen |
| Asw. | Wakeboard | Hockey | Relax Plagespiller |
| | Eventuell Sportschéissen | Asw. | Tennis/Padel |
| | Asw. | | Baseball |

Déi Schüler, déi sech gären an des Aktivitéiten engagéieren mussen sech un gewëssen Konditiounen halen:

**KONDITIOUNEN "Move’ Ya"**

- ✓ Kee Wiessel an d’Fola wann ee grad eng Prüfung ze preparéieren huet.
- ✓ E Rattrapage vun enger Prüfung fënnt nitt wärend der ALR-Talentförderungszäit statt.
- ✓ Bei Krankheet kënnt de Schüler an d’Aktivitéit.
- ✓ Mat Certificat Médical gëtt individuell mam Schüler déi beschtméiglech Léisung gesicht.
- ✓ Fir gewëssen Outdoor-Aktivitéite muss de Schüler e Beitrag bezuelen. Deen ass am viraus ze bezuelen.
- ✓ Bei enger verpasster Sortie muss de Schüler dat nohuelen oder wann net méiglech muss hien No-schwamme kommen.
- ✓ Wann een net ka mat op eng Sortie, da mellt een sech e puer Deeg am Viraus of !!!
- ✓ Keng Ofmeldung fir eng Sortie den Dag selwer soss „Exklusioun“!!!

# Mountainbike



**Du mëss gär <u>Sport</u> an der <u>Natur</u> a wëlls dobäi och nach Zäit mat <u>Kollegen</u> verbréngen?**

An der Optioun Mountainbike kanns du déi Saache matenee verbannen.



Mir wäerte virun allem a Bëscher an op Feldweeër fueren, haaptsächlech ronderëm Réiden. Eis Tier wäerten ëfters mol méi Zäit an Usproch huelen, dofir sollt dir domat rechnen, dass mir méi spéit wéi 12.15 h kënnen erëm sinn (meeschtens si mir fir 14.00 h nees beim Lycée, et kann awer och mol sinn, dass mer bis 15.00 h ënnerwee sinn). Mir wäerten dech dofir eng aner Kéier entschiedegen (d.h. du kriss dann heiansdo fräi). Wann d'Situatioun et erlaabt probéiere mer och um Enn vum Joer en Tour méi wäit vu Réiden ze maachen (z.Bo op Lëltz). Do wiere mer dann de ganzen Dag fort.



Fir eis méi Sécherheet a Fuerspaass op den Trails ze verschafe, wäerte mir ëmmer erëm un eiser Technik feilen: Grondstellung a Gläichgewiicht verbesseren, richteg bremsen a schalten, Spëtzkéiere meeschteren, iwwerwanne vun Hindernisser (Kaulen, Wuerzelen, Trapen, ...). Dëst maache mir deelweis ënnerwee, deelweis um Site vun der Schoul.

D'Vëloe mussen awer och ënnerhale ginn dass ee méi Spaass a méi laang Freed drun huet. Dëst gëllt esouwuel fir däi Vëlo doheem, ewéi och fir d'Vëloen an der Schoul. Mir weisen iech dofir am Laf vum Joer och emol wéi der e puer einfach Saache selwer maache kënnt, wéi eng Ketten erëm opleeën déi gesprongen ass, eng Ketten uelegen, oder e Platte flécken.

**D'Vëloen an d'Helmer gi vun der Schoul zur Verfügung gestallt, mee du kanns och gären däin eegent Material matbréngen!**

Peiffer Tim, Pradier Olivier & Skrijelj Rifat

# CulinALRia

Du isst gerne?

Du willst wissen, wie man köstliche Gerichte
Selbst zubereitet und serviert?




**Dann komm‘ in die Talentförderung**
**ALR Restaurant!**

Du brauchst nicht unbedingt schon kochen zu können, um es zu lernen. Wichtig sind nur deine Leidenschaft und dein Engagement!





*Luc Gansen, Tammy Jacoby, Liana Kang*

# Brauatelier

## Kachkéis, Bouneschlupp, Quetschekraut an ALR-Béier...

Kachkéis a Bouneschlupp kréie mir an der Cantine. D'Quetschekraut an de Béier, déi maache mir eis selwer.




Wann s du interesséiert bass ze verstoe wei Béier gebraut gëtt an dat selwer mol wëlls probéieren, da bass du an dësem Atelier richteg. Mir wäerten zesumme brauen, de Béier gäre loossen an duerno a Fläschen oder Fässer fëllen.
Um Chrëschtmaart wäerten mir dann live weisen wei gebraut gëtt an eisen eegenen Chëschtbéier ubidden.

Ausserdeem wäerten mir bei engem Brauseminar zu Wolz matmaachen an eis ukucken wéi de Béier industriell hiergestallt gëtt.



Am September an am Oktober gi mir och nach zesummen an d'Quetschen an kachen duerno traditionell Quetschekraut. Zesummen mam Beienatelier machen mir och all Joer 400 Liter Viiz.

Mir wollten allerdéngs betounen, datt dëst **<u>keen</u>** Partyatelier ass wou gedronk gëtt. Ausserdeem musst dir iech bewosst sinn, datt Brauen 5-6 Stonnen dauert. Deemno sidd dir heiansdo bëssi méi laang an der Schoul.

*Claude Kerger*
*Marc Rasqué*

# More than Honey…

(Marianne Boss, Jacques Kremer)

## Auf der Suche nach den Schätzen des Bienenstocks

**Honig, Pollen, Bienenwachs** und **Propolis** werden vor Ort von unseren eigenen Bienen geerntet und genutzt, um neue Produkte zu entwickeln wie z.B.:

- Hustenbonbons
- Duftsalben, Tagescreme, Sonnenbrand Lotion, Lippenbalsam
- Honigseife, Gesichtswasser, Haarspülung
- Honigbier, Honigwein
- Wachskerzen





## Förderung der Artenvielfalt auf dem Gelände des ALR



**Erschaffung von Lebensräumen für Insekten und Säugetiere**

- Trockenmauer
- Insektenhotel
- Igelhaus
- Überwinterungskästen für Fledermäuse
- Überwinterungsstation für Eichhörnchen
- Nistkästen für Vögel
- Dachbegrünung





## Betreuung der Bienenvölker



Bienenschwarm beim ALR,






**- *Graffiti* and *Calligraphy* -**

# *LETTERING*

(with Claus G. Beeskow Camarda aka Atrigraphy)

Are you interested in **Graffiti? Calligraphy? Lettering?**

Do you want to improve your **handwriting and handstyles?**

You will learn about **THEORY**: How do letters work? What different styles are there?
What are their different parts, styles, placings, flourishes, etc.?

You will **PRACTICE** different alphabets to get the **feel** and the **flow** just right.
















**2023**
**ME**




**2022**
**TUNNELBLÉCK**



**2021**
**GAME ON**



**2019**
**BLOCK C**




**2018**
**SCHLECHT GEWËSSEN**



**2017**
**KEEN ZERÉCK**




ON AIR

STUDIO ALR

**Fir eis Produktioun 2023-24 brauche mir:**

- Schauspiller
- Kameraleit
- Editors
- Dréihbuchautoren
- Universell Talenter!

**Mir schaffe mat:**

- 1 Sony AX700 4K
- 3 Sony AX53 4K
- Nikon Z6
- semi-professionell Canon
- GoPro
- Drone
- Handy

**Responsabel:**

- Michèle Heusbourg
- Christian Waltner
- Gilbert Klee

**Online Präsenz:**

- Website ALR
  - Nos productions
  - Xplore
- YouTube an Instagram
  - Studio_ALR
- Vimeo
  - ALR on AIR

# DROCK ATELIER
# OUT OF ORDER

**Mir drécke T-Shirte mat verschiddenen Drocktechniken. Mir erstellen eegen Design schaffen awer och mat villen aneren Optiounen, Mini Entreprisen zesumme fir hier Produkter ze valoriséieren. Mir produzéiere Printstickeren & Foliestickeren, Beschrëftunge mat Plotterfolie, Sublimatioundrock, Kaap-endrock, T-Shirte mat Flex & Flockfolie, DTF-Print an natierlech T-Shirte mat der Siebdrucktechnik.**

Pichard Thierry



DTF


DTF


Siebdruck



Poster Print


Sieb&Flex-Drock


Flex-Drock



Plotter-Folie

# KOMM EEN DRECKEN



# ALR GOES CULTURE

- **Du intresséiers dech fir Konscht & Kultur ?**
- **Du géings gär méi oft an de Musée, Kino oder Theater goen, fënns awer sielen Zäit dofir ?**
- **Du bass engagéiert a beweis Eegeninitiativ ?**

**Da bass du hei richteg !**

*Mir wäerten zesummen « kulturell » Sortie plangen an duerchféieren. Dono gëtt och emol an der Ronn iwwert eis Impressioune geschwat iert di nächst Sortie organiséiert gëtt.*

**Beräicher :** *Theater, Kino, Concert, Ausstellung, …*

**Rythmus :** *Sortien organiséieren, Visitte maachen an eventuell illustréiere mat Fotoe asw., mëndlechen oder schrëftleche Feedback ginn.*

**max 10 Schüler**

**Opgepasst !**

*Well eis Sortien iwwert de normalen Horaire erausginn, gidd dir och mol freides fräigestallt. De genauen Oflaaf gett zesumme geplangt an all verpasste Sortie soll individuell (ausserhalb vum normalen Horaire) nogeholl ginn.*

**MARTINE KLEES**





# International and European Politics



Learn about international and European politics and discover the European Union capitals Strasbourg, Brussels, and Luxembourg. Meet and discuss with other students, politicians and decisionmakers from Luxembourg and the European Union.



## Model European Parliament



We will participate in the simulation game **Model European Parliament** (MEP) in Luxembourg-City and possibly qualify for an international edition of the Model European Parliament in another European capital.

Find out more about MEP

https://mep.lu

https://mepeurope.eu/





## Visits to European capitals



To prepare we will visit the European institutions in Luxembourg, Strasbourg, and Brussels. During these trips we will have the unique opportunity to meet and talk to leading politicians and international civil servants and their staff.



Feel free to contact us to find out more.


Carole Nuss, Christian Theis

christian.theis@education.lu
carole.nuss@education.lu



Model European Parliament in LAML 2023

## Sei die Stimme deiner Schule - werde Teil der Insta-Schülerzeitung „Bompel“!



Du schreibst leidenschaftlich gerne und möchtest deine Kreativität in den sozialen Medien unter Beweis stellen?

Dann bist du bei unserer digitalen Schülerzeitung genau richtig!

**Was spricht für eine Teilnahme an unserer Insta-Zeitung?**

**1. Deine Stimme zählt bei unserer Content-Produktion:** Bei uns kannst du deine Gedanken und Meinungen zu aktuellen Themen, spannenden Events und Persönlichkeiten mit der Welt teilen. Bring deine Perspektive ein und werde gehört!

**2. Kreative Entfaltung:** Entdecke und entwickle dein Schreibtalent. Verfasse mitreißende Beiträge und erstelle Posts, die unsere Followerinnen und Follower begeistern.

**3. Digitale und kommunikative Kompetenzentwicklung:** Durch die Mitarbeit an unserer digitalen Schülerzeitung erlangst du wertvolle Soft Skills wie digitale Medienkompetenz, Teamarbeit und Kommunikation - Du lernst, wie man mit Emojis, Hashtags und visuellen Inhalten umgeht.

Möchtest du Teil dieser aufregenden Erfahrung werden und Fähigkeiten erwerben, die dich im digitalen Zeitalter weiterbringen? Dann schreibe dich in den Leistungskurs „Bompel“ ein.

Corinne Boulanger & Christine Wanderscheid



# Fotografie

## Den Talents-Atelier fir Foto-Begeeschtert

Du interesséiers dech fir Fotografie a wëlls wëssen, wéi ee flott Biller mécht? – Da bass de hei richteg, well's de hei d'Grondlagen vun der Bildkompositioun a vum Ëmgang mam Fotoapparat léiere kanns.



*David Alan Harvey*

Du hues vläicht nach guer keng eegen Erfahrung mat Fotografie, wëlls awer wëssen, wat e gutt Bild ausmécht? – Da bass de hei richteg, well mer zesumme léiren, wéi ee gutt Bild funktionéiert, egal ob um Handy oder mat enger Profikamera. Ausserdeem kënne mer eis Fotobicher an Zäitschrëften ukucken an tauschen eis iwwer klassesch Fotografen aus.



*Ansel Adams*

Du fotograféiers vill a gär, a wëlls Erfarung sammelen? – Da bass de hei richteg, well mir schoulesch (Diplomiwwerreechung, Soirée des élèves méritants) an ausserschoulesch Veranstaltungen fotografesch dokumentéiren.

Du interesséiers dech fir analog Schwaarzwäissfotografie? – Da bass de hei richteg, well eis di néideg Technik zur Verfügung steet, fir mat Schwaarzwäissfilm ze fotograféieren an eis Biller selwer z'entwéckelen.



*Henri Cartier-Bresson*

**Wéi all Talents-Atelier riicht och dësen sech no de perséinlechen Interessien vun de Schüler a baséiert op hirem Engagement. Wi och am leschte Schouljoer ass eng Ausstellung mat de Biller vun den Teilnehmer geplangt.**

Wanns de méi Informatioune zum Atelier wëlls hunn, mell dech beim Dimitar Dinev (dimitar.dinev@education.lu)

# D´ALR EvenTeam brauch dech ... genau dech!



- **Wëlls du wëssen, wéi een en Event plangt an ëmsetzt?**
- **Bass du kreativ an hues de Loscht, d´Bünebild an d´Kostümer fir den Theaterowende schafen?**
- **Wëlls de mat coolen Upcyling-Iddien hëllefen, den ALR fir dech a fir aner Schüler**
  **méi wunnlech ze maachen?**
- **Hues du Iddien fir en Event, dee mir nieft dem Theaterowend an dem Chrëschtmaart kënnen organiséieren?**

## Da bass DU bei eis genau richteg!

Bei eis gëtt geplangt, organiséiert, geschaf, geupcycelt, gehummert, gemoolt a gebitzt ... an dofir mir siche Leit, déi gären am Team schaffen, déi motivéiert, kreativ, handwierklech interesséiert, selbststänneg, problemléisend, stressresistent a  virausbléckend sinn ... oder déi, déi dat alles wëlle léieren.

Mir zielen op dech!

Anne Petit a Myriam Buchler

Zäit fir méi… zesummen ze sangen

# We sing because we can




I need YOUR voice!

## Be part of a great experience and join the ALR-Choir now!

Lena Bonifas

# MIR FIR EIS ALL

INITIATIV FIR MENTAL GESONDHEET




**Mental Gesondheet**
gëtt ëmmer méi zur Prioritéit!

Nieft der Beschäftegung
mat sech selwer an der eegener
Entwécklung, kann
aneren ze hëllefen an ze ginn,
eng beräicherend Erfarung
sinn a vill an engem bewierken.




Op Challengen, kleng interaktiv Iddien an Aktivitéite fir d'Schüler:innen,
Opklärungs-Plakater oder méi grouss Projeten,
an der Grupp kucke mir wéi eng Iddien an Themen iech am Bezuch op Mental Gesondheet
begeeschteren, ëmsetzbar sinn an dem Lycée a senge Schüler:innen
eppes bréngen.

Gemeinsam schaffe mir dann um Konzept, der Präsentatioun,
Virbereedung an Ëmsetzung fir är Iddien ze realiséieren an domat mental Gesondheet a
Perséinlechkeetsentwécklung duerch iech an är Initiativ, Raum ze ginn.

Dëst ass deng Geleeënheet fir dengem Lycée a Matschüler:innen,
Themen an Iddien méi no ze bréngen, déi dir wichteg sinn.




Du wëlls...

...eppes bewierken?

...däi Lycée matgestalten?

...dech mat mentaler
Gesondheet beschäftegen?

...eppes weiderginn?




Ech freeë mech op dech an deng Iddien!

Kim Henn

# Äerdschëff - Earthship Redange

In verschiedenen praktischen Projektaufgaben, mit Bezug auf das Äerdschëff, lernt ihr zahlreiche Aspekte des nachhaltigen, ressourcenschonenden und energiesparenden Bauens kennen.



Wir stellen uns folgenden Fragen:

- **Welche Materialien werden beim Äerdschëff verwendet**
- **Wie erfolgt die Wasserversorgung beim Äerdschëff**
- **Wie und welche Energien werden beim Äerdschëff genutzt**
- **Wie versorge ich das Äerdschëff mit Strom aus einer Fotovoltaikanlage**
- **Welchen Einfluss hat die menschliche Nutzung auf die Luftqualität beim Äerdschëff u.v.m.**

Um diese und viele weitere Fragen um das Äerdschëff beantworten zu können installieren wir eine Messstation mit vielen verschiedenartigen Sensoren, für Energieerfassung, Lichteinstrahlung Temperatur, Feuchte u.s.w., um während der Nutzungsphase des Gebäudes eine Optimierung durchführen zu können.

Natürlich erfahren wir dabei auch, wie das Äerdschëff funktioniert und warum dies ein besonderes Haus ist.

Teilnehmer: 4-8 SchülerInnen




Kontaktperson: Gérard ANZIA

# DARTS AM ALR

Jiddereen, dee schonn eng Kéier Darts gespillt huet, weess : am Fernsee gesäit et vill méi einfach aus, ewéi et a Wierklechkeet ass.

Fir besser ze ginn hëlleft just eppes : üben, üben, üben. Mäin Tipp : komm an den ALR-Talents Darts a looss dir vum Nationaltrainer perséinlech Tipps an Übungen ginn, fir schnell déng éischt



ze schéissen, a wien weess : villäicht bass du de nächste groussen Star op der grousser Bün.



Vun Trainingsübungen, iwwert Videoanalys, Matcher an Turnéier gëtt alles ugebueden, wat d'Darterhäerz begiert. Dofir zéck net, dech hei anzeschreiwen !

*Sébastien LEMMER*

# … START YOUR OWN BUSINESS!

Fir d'Dauer vun engem Schouljoer gitt dir zum « Jonk Entrepreneur »

Dir grënnt a leed är eegen Entreprise

Meedercher a Jonge vun all Sektioun (4$^{e}$, 3$^{e}$ an 2$^{ème}$)

# MINI-ENTREPRISES

- Zesummen een attraktive Produit entwéckelen
- Déi intern Struktur vun ärer Entreprise plangen
- Äre Produit erfollegräich vermaarten a verkafen
- Är Finanze verwalten

## Är Coachen:

- John Klemmer
- Mike Raas

Dës Optioun gëtt ënnerstëtzt vun der ASBL « Jonk Entrepreneuren », déi den « Esprit Entrepreneurial » bei de Jonken ënnerstëtzt

JONK ENTREPRENEUREN LUXEMBOURG

# luftnötig berlin

**high end and ultra limited streetwear**

**Manuel Bissen**



Sei dabei, wenn „luftnötig berlin“ die nächste Stufe seiner erfolgreichen Entwicklung zündet und sein Geschäft weiter ausbaut. Wir werden gemeinsam unser Streetwear-Label weiterentwickeln und noch bekannter machen.




Die Rahmenbedingungen hierfür sind hervorragend: Nach mehreren erfolgreichen und restlos ausverkauften Kollektionen ist unsere Kasse für weitere Investitionen prall gefüllt: Foto-Shootings, Mode-Defilees, Online-Shop ...

Für die weitere Entwicklung des Labels brauche ich die kreativsten **Designer** und **Fotografen** unter euch. Aber natürlich auch „Mitarbeiter“, die sich eher vor der Kamera sehen, also gerne modeln.

Ich brauche daneben die klügsten **Marketing- und Finanzspezialisten**. Wir wollen unsere Produkte nämlich noch kreativer und offensiver in den digitalen Medien darstellen.



Ich richte mich deshalb auch an die gewieftesten **Internet- und Social Media-Spezialisten**, denn wir werden unsere Bemühungen in diesem Bereich weiter intensivieren, z.B. mit Videos für Instagram-Stories.

**Was verlange ich ganz allgemein von dir?** Interesse, Neugierde, Kreativität, Motivation, eine schnelle Auffassungsgabe, Spontanität, Flexibilität, Mut, Durchsetzungsfähigkeit, Humor, ein Gefühl für Ästhetik, Erfolgshunger ...

**Was biete ich dir?** Du wirst beim Aufbau einer Legende dabei sein, du wirst Erfolg haben, du wirst (kreative) Freiheiten haben und in einem fantastischen Team arbeiten. Und natürlich hast du privilegierten Zugriff auf all unsere begehrten Produkte. Je nach Finanzlage können sogar Gratisexemplare aus unseren Kollektionen für dich rausspringen!

ALR TALENTS

DRAW

DESIGN IT PIXEL

REALIZE

# GRAFIKDESIGN

## VISUELLE MARKETING VUN DE PRODUKTER AUS DEM ALR

NATHY KROMBACH & STEPHANIE NUSS





An dësem Atelier schaffe mir um Computer, iPad an och nach op der Hand a léieren wéi een eng Grafik fir e Produkt entwerft, Werbecampagnen opstellt, wéi eng Saachen een bei engem Layout beuechte soll an realiséieren dee graphesche Volet vun de Produkten déi vu Schüler aus dem ALR hiergestallt goufen.


Mir maachen de Package Design, Typographie (Schrëftbeaarbechtung) an de Layout vu Werbe-Affichen. Wann am Lycée Hunneg produzéiert gëtt, këmmeren mir eis ëm d'Etiquetten, d'Flyeren fir de Verkaf, an d'Werbung iwwer Internet. Genau wéi de Béier, deen gebraut gëtt, eng originell Etiquett brauch an eventuell eng extra Schrëft fir op d'Holzekëschten a.s.w.



Mir schaffen awer och an Optrag vun aneren Atelieren oder soss Projeten aus der Schoul, wéi z.B. kreéieren vun TShirten an Hoodien fir d'Sportsdepartement a.s.w.



Et geet an dësem Atelier dorëm sech méiglechst gutt an Programmer wéi Photoshop/Gimp, Illustrator/Inkscape eranzeschaffen awer och d'Iddien an d'Wierklechkeet emzesetzen a schlussendlech och nei Techniken kennenzeléieren wéi dëss Projeten manuel hiergestallt kenne ginn. Grafikdesign ass an eisem Alldag a ganz ënnerschiddleche Formen omnipräsent. Wann s du zu dësem Thema méi wëlls wëssen, bass du an dësem Atelier genau richtëg.

# Schauspiller*inne gesicht!

## Entdeck däin Talent oder bau et weider aus!

Den **ALR TheAtert** gëtt och erëm dëst Joer am Kader vum Talents ugebueden.

Egal op Newcomer*innen oder erfueren Acteuren/Actricen, bei eis ass jidderee wëllkomm, dee gären op der Bün steet a sech viru Publikum ausdréckt.

Op traditionell oder modern opgemotzt, **zesumme** siche mir en Theaterstéck eraus, wat mer anüben an dat mer am ALR opféieren.

Kleng Rolle – mëttelgrouss Rolle – grouss Rolle... mir kucken zesummen dat fir jiddereen eppes dobäi ass.

Falls dir na Froen hutt a méi iwwert dës Aktivitéit wëllt wëssen, da meld iech bei:

Catherine Faltz a Carole Matgen












# ASCHREIWUNG ALR-TALENTS

**☝ OPGEPASST:**
**- D' ALR-Talents Aktivitéite betreffe nëmmen d'Klasse vum <u>cycle supérieur</u> am ESC an ESG (4$^{e}$-2$^{e}$, ausser 2$^{e}$GCG an 4$^{e}$-2$^{e}$TPEQ)!**
**- D'Aschreiwung ass <u>obligatoresch</u> a just dëse Freideg, den 22. September 2022 tëschent 11:10 an 12:00 Auer méiglech!**

## <u>Allgemeng Informatiounen</u>

Och dëst Schouljoer kanns du erëm un enger flotter Aktivitéit am Kader vun den ALR-Talents deelhuelen. Déi verschidden Aktivitéite fannen all Freideg wärend de leschten zwou Schoulstonnen (10:40-12:15 Auer) statt.

Op der Homepage vum ALR fënns du d'Broschür och als PDF-Versioun.

| Aktivitéiten | |
|---|---|
| ALR-Sports - Move' Ya! | Insta-Schülerzeitung "Bompel" |
| ALR-Mountainbike | Fotografie |
| CulinALRia | ALR EvenTeam |
| ALR-Brauatelier | ALR Choir – We sing because we can |
| More than Honey ... | Mir fir eis all – Inititiv fir mental Gesondheet |
| Lettering - Graffiti and Calligraphy | Äerdschëff Réiden |
| Studio ALR | Darts am ALR |
| Drockatelier | ALR Mini-entreprises |
| ALR goes culture | luftnötig berlin |
| International and European Politics | Design it |
| TheAtert | |

## <u>Aschreiwung</u>

Fir dech anzeschreiwen muss du entweder de QR-Code mat dengem Handy/iPad scannen.

oder op de Link hei drënner goen

*https://forms.office.com/r/Ug81J6BgHP*

Dono muss du dech mat dengem IAM aloggen an den Online-Aschreiwungsbou ausfëllen.

**Falls de nach eng Fro oder e Problem bei der Aschreiwung hues, mell dech beim Här Raas iwwert Teams!**